



Soziopädagogik/-didaktik?

Dat sinn ,héichgetréppelt' Ausdréck fir e Fach, dat ee kënnnt ,wéi bréngen ech de Leit et bai! émschreiwen. Dat Fach git dir ower émsoss op enger Universitéit sichen; héchstens an e ,fourre-tout' wéi ,Soziologie'; et stäipt sech op d'Praxis, och nach méi gestelzt ,Pragmatismus' genannt.

Enner äis gesot: Wien et net ,un' sech huet, engem aneren eppes bâizebréngent, dee kann e brillanten, iwwerdiplo-méierte FACHMANN sinn...säi Wësse kënnnt leider net ,eriwwer' ...mir kennen alleguer deer Fäll vu **Léierpersounen, déi nun emol einfach net UKOMMEN**. Schued. Dat dann emol, wat d'Schoul ugeet; besonnesch d'Fächer, déi direkt oder nie-welaanscht mat Sprooch ze din hunn. Mä an der Mathematik an hirer ,Famill' ass et net besser, well do hu mir der zevill, déi ze séier ,iwwersprangen'. Niewebäi gesot, léiert een och knapps eng Sprooch, iwwerdeems een d'Kandidaten zevill – bei allem Respekt – mat purer Grammatik a Schreibweis traktéiert.

Wéi ass dat dann elo ,dobausse bei de Leit', apaart mat eiser Sprooch? Do geet et nun emol mat deem schéinst Text/Gedicht einfach net duer, ofgesin do-vun, datt nach laang net all Mënsch deer méi literarescher Oderen eng huet; dréche grammatesch/linguistesch Ausdréck bréngt bausst der Schoul och net watderdäi-wel vill. **D'Praxis ass nunmol den ,Drot' ...sot de Michel Rodange ... iwregens e Schoulmann.**

Wéi mir 1971 (vrun 53 Joer!) mat der Actioun-Létzebuergesch ugesat hunn, waren dës Iwwerleeungen Tromp, och wann dat esouge bannent eisem deemolege Comité net jidderengem agelücht huet ... ech ginn dat hei uewendrun nach eng Kéier ze bedenken; **de pädagogeschen Deel von der Aarbecht huet net villen agelücht**; en et-lech wollten esouge ,franséisch' Uertschafts- a Stroosseschélter flappeg mat wäisser Faarf begladdere goen... genee ,de Kotteng' fir ,d'Leit' esou richteg rabbekäppig ze maachen; vu verstähneger Pädagogik/ Didaktik keen Donst!

Haut, no iwwer 2 Generatiounen, kann nach knapps een sech dat virstellen... grad ewéi dat, wat MIR zénterhier alles mat eiser Sprooch a fir si erreecht hunn.

Woumat huet et dann ugefaang? Mä ganz einfach mat eiser Sproochfassong, wéi jidderee se ,fläpperchesweis' iwwerall konnt gesin oder gebrauchen: Stroessen- an Uertschaftsnimm; Familjenannoncen; Wonsch- a Bäileedskaarten; Geschäftsreklamen, Menüskaarten...an et huet gläich fonctionnéiert! **Haut stäipt d'Aarbecht fir d'Létzebuergesch sech op héich an héchst legal Stäck**. Wäit iwwer eng (respektabel) ower vill ze ,brav' Sektion vum ,Institut grand-ducal' an der Dictionärscommisioun eraus, kënnne mir houfreg op eisen ,ommelzegen' Zenter fir d'Létzebuergesch Sprooch (ZLS) sinn. Fir de Martin Luther King ze ,paraphraséiere' kënnnte mir soen, datt ,our dreams have been realized'.

Sou villsproocheg wéi eist Land um Schoulplang ass, **schloen eis Librairien sech sproochlech mat 4 Idiomen erém: Weltrekord!** Et wier vläicht net esou ,dolaanscht', wann d'Librairen sech gifte Gedanken iwwer e Geschäft am Zentrum vun der Stad maachen, an deem een all Publikatioun giff fannen, déi op Létzebuergesch rauskënn ... en Dram? Et kënnnt een sech och virstellen, datt vläicht e ,wibbelege' Mënsch doriwwer eng liddi fir e sougenannte ,start-up' entwéckele giff; räich giff hie vläicht net domat ginn... ower bestëmmt och net ,aarm' bleiwen ...a dream!

Eis Wanternsprooch

Et kann elo ower kee behaapten, mir hätten dës Kéier kee Wanter an deer Zäit gehat, wéi d'Joere gedréint hunn; 't waren zwar keng déif Nullgraden, huet ower nawell fatzeg énner de Schong gekréckelt a gegrätscht; et war engem vläicht och heinsdo schuddereg, oder et krut een den Neelchen. Et konnt een och alt mol rém u Schnéiklatzen denken, grad ewéi u Bromee, Glétz a Gléisen, oder Äislämmercher énnert de Kullangen ...an e bëssen drun, datt eis Sprooch hei guer net esou fuddeleg-dënn wanter-aarm ass.



Eng Schnéiklatz
Foto: Shutterstock

Däitsch op Létzebuergesch

Beim Iwwersetzen aus dem Däitschen op Létzebuergesch hunn der ganz vill **Problemer fir vum Houdäitsche lasszekommen**; dat fällt d'meescht an der Internetsait vun RTL op, esou op d'Manéier: *hien huet dat Amt laang ausgefeiert/ d'Wuert ergraff, aplaz hien hat déi Plaz laang/ huet d'Wuert gehol*. Gewëss: Doduerch geet eis Sprooch net direkt, an de Géinz', ower et käddelt onnéideg drun, a mir zéien se schéi lues a lues iwwer eis Ost-Grenz op Bitburg oder Tréier ... Et guff hei ewell méi dacks gesot, datt eis Journalistegewerkschaft emol vläicht kënnnt drun denken, en ,Iwwersetzer-cours' fir jonk Stagiairen anzeféieren, deen de Staat geng iwwerhuelen...mä **wien dreemt dann hei** schrifftéch, gelldir?

Scho beduecht?

Mir hunn et an eise Schoule vu ronn 12 Joer u mat 4 Sproochen a Schreibweisen ze din ...dat gëtt et soss néierens op der ganzer Welt! Dann ass sech jo net ze verwonnen, datt eng Orthographie fir d'Létzebuergesch eng ganz speziell ass, well Däitsch/ Franséisch/ Englesch ganz natierlech an dat mat eralafen, wat mir op Létzebuergesch wëlle schreiwen. **Wien och némammen en Donst vu Pädagogik/Didaktik u sech huet, réit äis dann ower of, ,friem' Wieder wëllen an eng Orthographie fir Létzebuergesch ze brätschen;** dat dann och nach némme stéckerchesweis. No deer verdruddleder Logik misste mir soss ,merci/merssi - Boulevard/Bullwar - Avenue/Awenü - Bougie/Buji - Cadeau/Kado - good bye/Gutt bei - Canapé/Kannapee - Pneu/Pnö asw. an eiser Sprooch bustawéieren ... unverst  nne!

Hei g  tt et n  mmen ee Prinzip: Wa mir e friemt Wuert (dem Laut no!) sou gebrauche w  i et a senger Sprooch lieft, da solle mir et och **orthographesch authentesch loossen**; eiser Schoulsproochsituatioun no k  nne mir äis dat jo prima leeschten ... vrun allem keen domat geckeg maachen!

Hei er  m e klengt Beispill dofir, datt et net grad st  mmt, wa gesot/ behaapt g  tt, eis Sprooch h  tt nom ,Gromperekiewerlek' keen neit Wuert méi gemaach: An der Z  it hu mir äis d'Neel mat der Sch  ier ,geschnidden'; dat k  nnt haut net méi a Fro, si gi ,gep  tzt', an zwar mat enger ... NEELP  TZ'; kleng oder grouss, fir d'H  nn oder d'F  iss, oder? An anere Sproochen heescht dat kamoud St  ck Nagelknipser, pince à ongles, nailclipper, taliaunghie, corta unhas... e Bew  is, datt eisen Aus-

drock sech hei eng eege Platz gemaach huet. Net wichteg? Dajee alt.
W  i ass et iwregens mam Fritten-d  ppen, der Piakulliss, der Spektiv, dem Kn  tsch, dem Dr  p-peglas/Kareli, dem Schimmi (wann epes schif leeft), den Ouereklappen, dem Kla-beis, der Str  m-pebox, dem Baar-tapparat, der R  iss-lingspaschteit, der Z  nnseef asw.

Eng Neelp  tz
Foto: Shutterstock



Gelungen, geldir

An eiser Sprooch hu mir **eng Wull ,Vokabelen' an Ausdrucksweisen, vun deene knapps een denkt, datt et nun emol ,typesch' eiser sinn** ... oder villméi mengt, si wie-ren dach däitsch, wat dann ower, gutt iwwerluecht, net de Fall ass. Huelt e puer Bei-spiller:

S  ch  ck dech! - g  eff dech elo! - hal dach op! - maach dech ewech - ech hunn es genuch - dee kouzt w  i en Dabo - du bass mir e Sch  inen - deen Eefalt schw  tzt Kabes - d'Joffer huet sech noneegemaach - d'Bom h  lt en T  mpchen - kuck, dass de verk  nns! - maach dech dach net esou - dat do deet mir d  ck - ech hunn de rosene Wuerm/ de Soud/ eng d  ck Klatz/ e Schwier/ eng Bloder/ eng Koz an der Nues/ de Schnuddeler - du kriss eng an d'Sabbel - den Nobbes ass schauten - d'Kett ass eng buuschteg Zatz - de Jos ass dlaantscht/donieft/verk  nnt - schlupp net esou - bass de da bal? - tommel/fl  iss dech e b  ssen - tr  ll net esou do - g  eff dech emol drun - ech hal' wuel jo ...

Dir fannt dees Stackl  tzebuergesche best  mmt och nach selwer, verwonnert iech och vl  icht, datt dir net eischtet dru geduecht huet, datt et net kann ,eeriicht' an eng aner Sprooch iwwersat ginn. Majo, nedir ... a w  i wier et dann, wann e jonke Sprochem  nsch sech an deem S  enn emol un eise klengen Idiom giff ginn?!

Zevill Däitsch/ Franséisch?

Et g  tt eng d  ck Partie Leit, déi sech iwwer zevill Däitsch/ Franséisch rondr  m ,ent-zannen'. **Vl  icht kann ee sech ower emol d'Fro stellen, firwat dat esou ass.** Eis Sprooch läit nun emol t  scht zw  i ganz verschidde groussen ,Idiomen', dem germaneschen an dem romanischen; wat u sech e Virdeel ass, well mir déi allenzw  in do-duerch net allzeschw  ier léieren. Dat Germanesch läit äis w  i anere germanesche Sprooche w  i dem Nidderl  nischen, D  neschen, Skandinavesche vill besser w  i déi ,s  dliche' Sproochen ... **mir sollen ower ,Germanesch' net einfach n  mme mat ,D  itsch' gl  ichsetzen... an dees ouni Féische keipweis eranhuelen**, wou mir selwer eiser Ausdréck hunn. Datselwecht g  llt fir d'Franséisch, ower net am selwechte Mooss; do sinn der och yet dog  int ... déi es vl  icht net genuch k  nnen. ☺ Beim Ganze stellt sech natierlech émmer déi nämlech Fro: W  ivill(richtegt!) D  itsch, Franséisch, oder souguer Englesch k  nnen déi Leit, déi wierklich zevill domat am L  tzebuergeschen doruechter w  itschen. Do g  tt et dann ower méi kriddeleg; d  est iwwergens jo eiser 100%er Ausdréck een. Bis dann eng aner K  ier eppes wieder doriwwer.